LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°3111 vum 24. Oktober 2025, vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement zum Sujet « Ajout du certificat Luxtrust sur les titres de séjour ».

1. Op meng Fro op "titre de séjour" mat der GouvID" funktionéieren huet d'Ministesch fir Digitalisatioun geäntwert: "De Chip fir "titre de séjour" enthält kee LuxTrust-Zertifikat, dofir kënnen déi net mat GouvID benotzt ginn. Am Fall wou den "titre se séjour" mat engem Luxtrust-Zertifiakt wéi op den Identitéitskaarte giff equipéiert ginn, wäert déi aktuell Applikatioun GouvID deen Zertifikat och kenne liesen."

   Firwat enthält den "titre de séjour" bis elo nach keen Zertifikat a plangt de Minister dëst an noer Zukunft ze änneren? Wa jo, wéini sollen "titre de séjour" esou en Zertifikat kréien? Wa nee, firwat net?

De LuxTrust-Zertifikat gëtt eng eendeiteg digital Identitéit, mat der eng Persoun hier tatsächlech Identitéit am digitalen Ëmfeld ganz sécher noweise kann.

D'Fro vun der Integratioun vun engem LuxTrust-Zertifikat a biometreschen Openthalts Dokumenter (Titre - oder Carte de séjour), huet sech bis elo net gestallt, well kee Bedarf an der Hinsicht festgestallt ginn ass. Aner offiziell Dokumenter, wéi zum Beispill Führerschäiner, hunn dat och net. Et muss een dozou fügen, datt eng Persoun sech net mat engem Titre de séjour oder enger Carte de séjour ausweise kann, well et keng Ausweis Dokumenter sinn.

Et ass aktuell net geplangt, e Luxtrust-Zertifikat a biometreschen Openthalts Dokumenter ze integréieren. Zur Zäit hunn aner Projets am Beräich vun der Immigratioun Prioritéit, wéi zum Beispill d'Ëmsetzung vum Migratiouns- an Asylspakt fir Mëtt 2026, vun den neien Informatiounssystemer op de Grenzen an d'Aféierung vun der elektronescher Aktenverwaltung.

Lëtzebuerg, den 10. November 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden